SCHULWESEN UND ERZIEHUNG / ENSEIGNEMENT ET ÉDUCATION

SPILLPLAZ-AKTIOUN ZU IERNSTER

D'Spillplaz Aktioun zu Iernster wor den 3. Juni op der Spillplaz nieft dem Duerffest an matgemaach hunn am ganzen 14 Kanner vun 5-13 Joer.

Dat ganzt ass ënner dem Motto „Design your Spillplaz" gelaf an hei kruten d'Kanner d'Méiglechkeet déi proposéiert Ännerungsvirschléi vun den Spillplazen fir dës Spillplaz ëmzesetzen.

Eraus koum do eng nei grouss Schaukel an eng Seelbunn.

Et goufen awer och nei Regelen opgestallt déi eis Kanner fir eng besser Welt responsabiliséiere sollen:

- Keen Dreck op den Buedem geheien ➪ ËMWELT
- Keen op engem Spill stoussen ➪ SECHERHEET
- Näischt futti maachen ➪ RESPEKT – SAACHEN/OBJET
- Wann eppes futti ass, op der Gemeng Bescheed soen ➪ RESPONSABILITEIT
- Net d'Hausdéieren hir Toilette op der Spillplaz maachen loossen – Déierendreck ewech
- Déieren un der Léngt halen ➪ PROPRETEIT
- Wann een sech wéi deet, een Erwuessenen ëm Hëllef froen, dat eventuell engAmbulance geruff kann ginn ➪ AKTIV & INITIATIV
- No Smoking, no Alkohol ➪ GESONDHEET
- Grouß Kanner passen op déi kléng Kanner op - Mir spillen ALL Zesummen & mateneen
- keen Handy, kéng Technik ➪ RESPEKT – MËNSCH

SPILLPLAZE-RALLYE-AKTIOUN

Den 30. Juni wor zu Nidderaanwen de Rallye vun den 3 Spillplazen:

rue Mielstrachen, rue Bellevue, rue Dicks/Lentz

Insgesamt 12 Kanner hunn do matgemaach an op de Gewënner huet e Bong fir an d'Schwemm gewénkt. Bei guddem Wieder hun d'Kanner mat Spill, Spaass a Froen iwwer "Design your Spillplaatz" délibéréiert.

Zréckbehal goufe folgend Neiegkeeten:

- Mielstrachen: zwee kleng Futtballsgoaler, en Iwwerdaach fir d'Sandkëscht
- Bellevue: e Basketkuerf, e Sonneseegel fir Schiet ze kréien
- Lentz/Dicks: e Futtballsgoal, enTrampolin, Fitness Staangen